

Wéi héich ass Är Immunitéit géint COVID-19?

Als nationale Referenzlaboratoire fir virusbedéngt Erkrankungen vum Otemweeër schafft den LNS enk mat der Gesondheetsdirektioun zesummen, fir d'Zirkulatioun vum Coronavirus zu Lëtzebuerg ze kontrolléieren.

Haut luede mir lech an, e Codiv-19-Antikierpertest ze maachen. Duerch Äert Matmaache beim Test drot Dir dozou bäi, eist Wëssen iwwer de Virus ze verbesseren. **Den Test gëtt duerch d'Ofhuele vun e puer Drëpse Blut aus der Fingerspëtz duerchgefouert.** Dir musst dofir net eniichter sinn. Unhand vun dësem Test gëtt festgestallt, ob Dir Antikierper géint de Coronavirus an Ärem Blut entwéckelt hutt oder net, an **ob Dir schonn an der Vergaangenheet mam Virus a Kontakt waart**, vläicht ouni Symptomer ze weisen, **oder ob d'Produktioun vun Antikierper op d'Impfung zeréckzeféieren ass.** Aktuell **erlaabt et de Stand vun de wëssenschaftlechen Erkenntnisser net, ze soen, ob e positive serologeschen Test eng dauerhaft a systematesch Immunitéit garantéiert.** E positive serologeschen Test däerf lech op kee Fall dozou verleeden, méi noléisseg bei de Geste-barrièren ze ginn.

Ziler:

- déi serologesch a virologesch Parametere suivéieren
- de Suivi vum Antikierper-Taux géint COVID-19 an der Bevëlkerung vereinfachen a beschleunegen

Är Bedeelegung:

- Ofhuele vun 2 bis 5 Drëpse Blut aus enger vun Äre Fingerspëtzen
- Matmaachen op fräiwëlleger Basis (keng Verflichtung)

Matdeele vun de Resultater:

- Resultater un Är Handysnummer (wann uginn)




Risiken an Nodeeler:

- Et ass kee medezinesche Risiko am Zesammenhang mam Ofhuele vu Blut aus der Fingerspëtz bekannt.

Wéi héich ass Är Immunitéit géint COVID-19? Dateschutzhiweis

Wéi eng Instanze si fir den Traitement vun Äre perséinlechen Donnéeë verantwortlech?

Am Kader vun der Erfuerschung vun der Immunitéit géint COVID-19 ginn déi perséinlech Donnéeë vun de Residenten, déi fir den Test ageluede goufen, a vun deenen, déi deelhuele, vun de follgenden dräi Verantwortleche fir den Traitement (d. h. déi Entitéit, déi den Zweck an d'Mëttel vun der Bearbechtung vu perséinlechen Donnéeë bestëmmt) erhuewen a bearbecht:




-  **der Generalinspektioun vun der Sozialversécherung**, wëll dës d'Kategorië vu Persounen, déi am Kader vun der Campagne fir d'Erfuerschung vun der Immunitéit invitéiert ginn, definéiert;
-  **dem Nationale Gesondheitslaboratoire**, deen d'Organisatioun vun de Prelevementer, d'Prelevementer, d'Duerchféiere vun den Tester, vum Festleeë vum Rendez-vous bis zum Verschécke vun de Resultater, sécherstellt. Hei ginn d'Donnéeën och am Hibleck op d'Duerchféiere vun epidemiologeschen Etüde bearbecht;
-  **der Gesondheitsdirektioun**, fir déi adequat epidemiologesch Decisiounen am Beräich vun der öffentlecher Gesondheet ze huelen an hir Missiounen am Kader vum Suivi vu Persounen, déi positiv op COVID-19 getest goufen, a vun hire Kontakter ze erfëllen.

Si all bearbechten déi perséinlech Donnéeën am Aklang mam Règlement 2016/679 vum Europäesche Parlament a vum Rot vum 27. Abrëll 2016 iwwer de Schutz vun natierleche Persounen am Kader vum Traitement vu perséinlechen Donnéeën an iwwer de fräien Dateverkéier vun dësen Donnéeën, mat deem d'Direktiv 95/46/EG opgehewe gouf (Allgemengt Dateschutzrèglement, heirënner „RGPD“).

Zu wéi engem Zweck ginn Är Donnéeë bearbecht?

D'Veaarbechtung vu perséinlechen Donnéeën am Kader vun der Erfuerschung vun der Immunitéit géint COVID-19 gëtt duerchgefouert, fir (i) Residenten invitéieren ze kënnen, déi representativ Echantillone vun der Bevëlkerung duerstellen, (ii) de Participanten et ze erméiglechen, den Test duerchzuféieren, (iii) de Participanten d'Resultater matzedeelen an (iv) d'Wëssen iwwer de Virus duerch d'Analys vun de Resultater ze verbessern.

Déi rechtlech Grondlage fir dës Veraarbechtung sinn:

-  dat geännert Gesetz vum 1. August 2018 iwwer d'Meldeflicht fir bestëmmte Krankheeten am Kader vum Schutz vun der öffentlecher Gesondheet;
-  dat geännert Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwer d'Moosname fir d'Bekämpfung vun der COVID-19-Pandemie;
-  den Arrêté ministériel vum 6. Januar 2021, mat deem den LNS zum Nationale Referenzlaboratoire fir akut Erkrankunge vun den Otemweeër ernannt gouf.

Wéi eng Zort vun Donnéeë gi veraarbecht?

Déi follgend perséinlech Donnéeë gi veraarbecht:

- perséinlech Identifikatiounsdonnéeën (z. B. Gebuertsnumm, Virnimm, Postadress, Handysnummer, E-Mail-Adress)
- perséinlech Donnéeën (z. B. Geschlecht, Gebuertsdatum)
- Identifikatiounsdonnéeën, déi vun den ëffentlechen Déngschter bereetgestallt ginn (z. B. Matricule)
- Donnéeën am Zesammenhang mat der Organisatioun vum Rendez-vous (z. B. Datum, Auerzäit, Statioun)
- Äre Prelevement
- Donnéeën, déi d'Gesondheet betreffen (Analysresultater)

U wie ginn Är Donnéeën iwwermëttelt?

Är perséinlech Donnéeë kënnen vun ënnerschiddlechen Intervenanten un déi follgend Kategorië vun Destinataire iwwermëttelt ginn:

- **de Staatlechen Zenter fir Informatiounstechnologien (CTIE)**, dee fir d'Verschécke vun den Invitatiounen an d'Bereetstelle vun der Plattform fir d'Rendez-vousen zoustänneg ass;
- **d'Hotline, déi vun der Gesondheitsdirektioun agericht gouf** (ausser Donnéeën am Zesammenhang mat der Gesondheet an de Prelevement), fir op Froen ze äntweren, déi invitéiert Persounen oder Participanten iwwer d'Campagne fir d'Erfuersche vun der Immunitéit géint COVID-19 stellen;
- **d'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung (IGSS)**, déi d'Donnéeë pseudonymiséiert, fir se den ëffentleche Fuersungsariichtungen zur Verfügung ze stellen, fir datt déi Projektione maache kënnen, déi et erméiglechen, d'Evolutioun vun der Pandemie ze observéieren an Tableaue fir de Suivi ze erstellen (zum Beispill: Suivi vum Immunitéitstaux pro Gemeng, pro Alterstranche oder pro Beruffsspart);
- **d'Agence eSanté**, déi fir den techneschen Transfert vun den Testresultater un d'Gesondheitsinspektioun vun der Gesondheitsdirektioun zoustänneg ass;
- **d'Gesondheitsinspektioun vun der Gesondheitsdirektioun**, déi d'Testresultater kritt, net nëmme fir den epidemiologesche Suivi vun der Pandemie ze maachen, mee och fir dës Resultater beim Suivi vun de Persounen, déi positiv op COVID-19 getest goufen, a vun hire Kontakter ze berücksichtegen.

Wéi laang ginn d'Donnéeë versuergt?

Är Donnéeë gi vun all Intervenant nëmmen esou laang gehalen, wéi et am Aklang mat de jeeeweilege gesetzlechen Obligatiounen néideg ass, fir dee festgeluechten Zweck ze erreechen. Esou späichert d'Gesondheitsdirektioun zum Beispill perséinlech Donnéeën op der Grondlag vun de Virschrëfte vum geännerte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwer d'Moosname fir d'Bekämpfung vun der COVID-19-Pandemie.

Är Rechter am Zesummenhang mat Ären Donnéeën

Dir hutt d'Recht, Zougrëff op Är perséinlech Donnéeën unzufroen, eng Kopie dovunner ze kréien an, am Fall wou Är perséinlech Donnéeën onvollstänneg oder falsch wieren, se verbesseren ze loossen. Dir hutt och d'Recht, d'Beaarbechtung vun Äre perséinlechen Donnéeën anzeschränken, d'Recht, Iech der Verwendung vun Ären Donnéeën ze widdersetzen, an d'Recht, se läschen ze loossen, ënnert de Bedéngungen a bannent de Limitten, déi am Allgemengen Dateschutzreglement festgeluecht sinn.

Dir kënt d'Ausübung vun den uewe genannte Rechter ufroen, andeems Dir eng schrëftlech an ënnerschriwwen Demande areecht, där Dir och e Beweis fir Är Identitéit bäileet.

Fir d'Beaarbechtung am Zesummenhang mat den Echantillonnen, bei der Generalinspektioun vun der Sozialversécherung:

igss@igss.etat.lu

26, rue Zithe, L-2763 Luxembourg.

Fir d'Beaarbechtung am Zesummenhang mat der Gestiou vun den Invitatiounen, dem Festleeë vu Rendez-vousen an dem Suivi vun der Pandemie, bei der Gesondheitsdirektioun:

info_donnees@ms.etat.lu

13a, rue de Bitbourg, L-1273 Luxembourg.

Fir d'Beaarbechtung am Zesummenhang mat de serologeschen Tester, beim Nationale Gesondheitslaboratoire:

dpo@lns.etat.lu

1, rue Louis Rech, L-3555 Dudelange.

Dir kënt och eng Reklamatioun bei der **Nationaler Kommissioun fir den Dateschutz (CNPD)** areechen, wann Dir der Meenung sidd, datt Är Rechter net respektéiert ginn. Dës Reklamatioun ka per Post u folgend Adress geriicht ginn:

15, boulevard du Jazz, L - 4370 Belvaux

oder andeems Dir den Online-Formulaire ausfüllt, deen um Site vun der CNPD an der Sektioon **Particuliers -> Faire valoir vos droits** verfügbar ass..